

## Evangelium vum 33. Sonndeg am Joreskrees (Joer C)

### Lk 21,5-19

*G. Den Här sief mat iech all.*

*A. An och mat lech.*

*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Lukas.*

*A. Dir all Éier, Här.*

<sup>5</sup> Wéi der en etlech iwwer den Tempel rieds haten, datt e mat schéine Steng a mat Votivgeschenker gerëscht wär, sot de Jesus:

<sup>6</sup> "Et kommen Deeg, wou vun all deem, wat dir hei gesitt, net ee Steen op deem anere gelooss gëtt, an et ass kee Steen do, deen net och nach a Stécker geha géif!"

<sup>7</sup> Dunn hunn si hie gefrot: "Meeschter, wéini soll dat da geschéien, an u wat fir engem Zeeche gesäit een, datt et ufänkt?"

<sup>8</sup> Hie sot: "Dot uecht, datt dir net verféiert gitt! Et kommen der nämlech vill a mengem Numm, déi soen: 'Ech sinn et!' an: 'D'Zäit ass komm!' Laaft hinnen net no!

<sup>9</sup> A wann dir vu Kricher an Opstänn héiert, dann erféiert net! Well dat alles muss fir d'éischt geschéien, ma d'Enn kënnt nach net direkt."

<sup>10</sup> Du sot hien zu hinnen: "Si ginn all géinteneen: Vollek géint Vollek a Kinnekräich géint Kinnekräich;

<sup>11</sup> et komme schwéier Äerdbiewen, an op ville Plaze gëtt et Hongersnéit an Epidemien; et geschéie fierchterlech Saachen, a vum Himmel komme grouss Zeechen.

<sup>12</sup> Virun all deem awer leeën si Hand un iech a verfollegen iech, si liwweren iech un d'Synagogen aus a geheien iech an de Prisong, si schleefen iech viru Kinneken a Gouverneuren, an alles wéinst mengem Numm.

<sup>13</sup> Deen Ament hutt dir Geleeënheet, Zeegnes ze ginn.

<sup>14</sup> Verhaalt iech, datt dir iech am Viraus keng Gedanke fir är Verdeedegung ze maache braucht.

<sup>15</sup> Ech selwer ginn iech nämlech Wierder a Weisheet, deene kee vun äre Géigner widderstoen oder widdersprieche kann.

<sup>16</sup> Esouguer vun Elteren a Gesëschter, vu Famill a Frënn gitt dir ausgeliwwert; si maachen der eng Rei vun iech dout,

<sup>17</sup> an dir gitt vun en all gehaasst wéinst mengem Numm.

<sup>18</sup> Ma dir kënnt es sécher sinn: Et geet net emol een Hoer vun ärem Kapp verluer.

<sup>19</sup> Wann dir duerhaalt, kritt dir d'Liewen."

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

*A. Dech, Christus, luewe mir.*